

Eltrona P570 Hybrid

IPTV Set Top Box

Gebrauchsanweisung

Iwwersetzung vun der däitscher Originalversion



*Wichtig: Virum Gebrauch opmierksam liesen an
duerno fir spéider versuergen.*

 **DOLBY AUDIO™**

HDMI™
HIGH-DEFINITION MULTIMEDIA INTERFACE

Inhaltsverzeichnis

1. Sécherheitsinformatiounen.....	3
1.1 Benotzten Zeechen a Symboler	3
1.2 Allgemeng Sécherheitshiweiser	4
2. Bestëmmungskonforme Gebrauch.....	7
3. Liwwerëmfang	7
4. Uschlëss.....	8
5. Mise en service.....	9
5.1 Kabelverbindungen	10
5.2 Telecommande koppelen	11
5.3 Menüsprooch auswielen.....	12
5.4 Netzwierkverbindung hierstellen.....	13
5.5 WLAN-Status kontrolléieren	18
5.6 WLAN-Verbindung trennen.....	18
5.7 Software-Updates.....	19
6. Rengegung.....	19
7. Entsuegung	20
7.1 Läsche vu perséinlechen Daten.....	20
7.2 Al Apparater zeréckginn	20
8. Feelerbehiewung	21
9. Rechtlech Hiweiser.....	23
9.1 Deposéiert Markenzeechen a Lizenzhiweiser	23
9.2 Open Source Software	23
10. Konformitéitserklärung.....	24
11. Techesch Daten.....	25

1. Sécherheitsinformatiounen

Éier Dir ufänkt, d'Set Top Box ze benotzen, liest wgl. follgend Informatiounen opmierksam duerch. Si déngen dozou, falsch Benotzung an doraus entstoend Persouneschied, Stéierungen an / oder Schied un der Hard- a Software ze vermeiden.

Versuert dës Gebrauchsanweisung fir wa spéider Froen optrieden a gitt se un zukünfteg Benotzer weider.

1.1 Benotzten Zeechen a Symboler

Maacht lech wgl. am Virus mat den Zeechen a Symboler vertraut, déi an dëser Gebrauchsanweisung benotzt ginn.

WARNUNG

Bezeechent eng méiglecherweis onmüttelbar Gefor. Wa se net vermidde gëtt, kann dëst zu schwéierste Verletzungen oder zum Doud féieren.

OPGEPASST

Bezeechent eng méiglecherweis schiedlech Situatioun. Wa se net vermidde gëtt, kann d'Komponent oder eppes an hirem Ëmfeld beschiedegt ginn.



Zousätzlech Hiweiser an Informatiounen

1.2 Allgemeng Sécherheitshiweiser

WARNUNG

Gefor duerch elektresch Spannung an doraus entstoeend Brandgefor Stromversuergung / Verbindungskabel

- ➔ Benutzt d' Set Top Box nëmme mat dem am Liwwerëmfang enthalene Steckernetzdeel an den am Liwwerëmfang enthalene Verbindungskabelen.
- ➔ Iwwerprüift de Kabel vum Steckernetzdeel reegelméisseg op Beschiedegungen. Sollt Dir Beschiedegungen um Steckernetzdeel feststellen, huilt d' Steckernetzdeel vum Strom a kontaktéiert Ären Netzbedreier.

Netzspannung

- ➔ Benutzt d' Set Top Box nëmme mat der Netzspannung, déi dofir uginn ass.

Zougänglecheet vun der Steckdous

- ➔ D' Set Top Box muss mat enger liicht zougänglecher Steckdous verbonne ginn. Dir musst jidderzäit amstand sinn, d' Set Top Box vum Stromnetz ze trennen.

Reparatur

- Probéiert net, d'Set Top Box selwer ze reparéieren. Déi elektresch Sécherheet kéint doduerch a Gefor geroden. Wann d'Set Top Box eroffält oder Waasser eraleeft, huet d'Set Top Box direkt vum Stroum a kontaktéiert Ären Netzbedreiwler.

Ëmfeldbedéngungen

- D'Set Top Box an d'Steckernetzdeel däerfen nëmmen a Banneraim benotzt ginn.
- Schützt d'Set Top Box viru Fiichtegkeet, Waasserdräpsen a Sprätzwaasser.
- Stellt keng mat Flässegkeet gefüllte Géigestänn, ewéi z. B. Vasen op d'Set Top Box.
- Benotzt d'Set Top Box net a fiichte Raim an nëmmen a moderatem Klima, net an tropeschem Klima.

OPGEPASST

Gefor vu Stéierungen oder Defekter um Apparat

Iwwerhëtzung

- Haalt op d'mannst déi follgend Ofstänn ronderëm d'Set Top Box an: 10 cm driwwer, 5 cm hannendrun, 2 cm säitlech.
- Stellt d'Set Top Box ni an e Schaf oder op eng Kréibänk, wou net genuch Beléftung ass.

- ➔ Stellt keng Géigestänn op d'Set Top Box, ewéi z. B. aner Apparater oder Kärzen.
- ➔ Schützt d'Set Top Box virun direkter Sonnebestralung, offenem Feuer oder aneren Hëtztquellen, ewéi z. B. der Heizung.

Laang Absencen oder Donnerwiedereren

- ➔ Trennt d'Set Top Box an den Netzwierkkabel, wann Dir méi laang net do sidd a bei Donnerwiedereren, andeem Dir d'Steckernetzdeel aus der Steckdous erauszéit.
- ➔ Trennt och all Apparater, déi mat der Set Top Box verbonne sinn.



Erwiermung vun der Set Top Box

- ➔ D'Erwiermung vun der Set Top Box läit am zoulässege Beräich. Trotzdeem kënne sech kriddeleg Miwwelsurfacen duerch déi permanent Awierkung vun der Wäermt am Laf vun der Zäit verfirwen.
- ➔ D'Féiss vum Apparat kënnen op traitéierte Miwwelsurfacé Faarfverännerungen ervirrufen. Stellt d'Set Top Box eventuell op eng gëeegent Ënnerlag.

2. Bestimmungskonforme Gebrauch

D'Set Top Box P570 ass fir den Empfang vun Televisiouns- a Radiosignaler a Verbindung mat IPTV-Systemer bestëmmt. All anere Gebrauch ass net bestimmungskonform. Den Hiersteller iwwehëlt keng Garantie fir Fehler, Störungen oder Schied, déi op net bestimmungskonforme Gebrauch zeréckzeféiere sinn. Dozou gehéiere besonnesch

- falscht Uschléissen
- falsch Handhabung
- Benotzung vun onpassende Späichermedien oder Accessoires
- Net Beuechte vun noutwendegen Installatiouns- a Lagerbedéngungen
- Verseuchung vu Softwarekomponente mat Computerviren
- Modifikatiounen un der Hard- a Software


3. Liwwerëmfang



Fir d'Steuerung vun der Set Top Box braucht Dir eng Telecommande. Dës kritt Dir, wann noutwendeg, bei Ärem Netzbedreier.

- Set Top Box Eltrona P570 Hybrid
- Steckernetzdeel
- HDMI 2.0-Kabel (1,5 m)
- Netzwierkkabel (3 m)
- Gebrauchsanweisung

4. Uschlëss



Illustratioun 1: Uschlëss

1 DVB-C

2 RJ12 (RS232 an IR Input)

3 S/PDIF Optesch/3,5 mm Buchs¹⁾

4 HDMI

5 USB

6 LAN

7 Stroumuschloss

8 Micro SD-Kaarteslot

¹⁾ Kombiniererten Uschloss fir 3,5 mm Buchs (z. B. fir Kopfhörer) an Opteschen TOSLink (S/PDIF)

5. Installatioun

WARNUNG

Gefor duerch elektresch Spannung an doraus entstoend Brandgefor

- ➔ Benutzt d'Set Top Box nëmme mat dem am Liwwerëmfang enthalene Steckernetzdeel.
- ➔ D'Kabelen dærfen net geknéckt oder ageklemmt ginn.

OPGEPASST

Gefor vu Stéierungen oder Defekter um Apparat

Falscht Umschléissen

- ➔ Schléisst d'Kabelen an der richteger Reiefolleg un d'Set Top Box un (cf. **Illustratioun 2** op Sait 10). Gitt Uecht, datt den Netzwierkkabel mat engem Klicken aspréngt.

Strom nnerbriechung warend der Installatioun

→ Esouwuuel bei der Installatioun ew ei och bei Software-Updates daerft Dir d'Stromversuergung vun der Set Top Box net  nnerbriechen. Dir vermeit doduerch m eiglech Schied.

Ersetze vu Kabelen

→ Gitt Uecht, datt Dir beschiedegt Kabelen  mmer duerch glaichwaerteg Kabelen ersetzt.



D'Set Top Box brauch eng aktiv Internetverbindung, fir sech k enne mat engem IPTV-System ze verbannen. Stellt d'Verbindung entweder mat engem Netzwierkkabel oder iwwer WLAN hier. Beuecht awer, datt bei enger Verbindung mat WLAN a glaichzaiteger Benotzung vun d eser Netzwierkverbindung duerch aner Apparater, d'Bandbreet kann ageschrankt sinn. Doduerch kann et zu St eierungen oder  nnerbriechunge bei der Lecture kommen.




Illustration 2: Kabelverbindungen

5.1 Kabelverbindungen

1. Verbannt d' Set Top Box ewéi an **Illustration 2** op Sait 10 duergestallt. Passt dobái op déi gewisen Uschlossreiefolleg op:

- 1 HDMI-Kabel
- 2 Netzwierrkabel (optional)
- 3 Koax-Kabel¹
- 4 Steckernetzdeel

2. Schalt d' Television an.

¹ ofhängeg vum Netzbedreier, nèt am Liwwerëmfang enthalen

5.2 Telecommande koppelen

Dir musst d'Telecommande mat der Set Top Box koppelen. D'Telecommande gëtt bei der éischter Mise en service automatesch vun der Set Top Box erkannt.

1. Maacht d'Batterien an d'Telecommande.
2. Waart, bis op der Televisioun en Telecommande-Symbol ugewise gëtt.
3. Dréckt d'Tast **OK**, fir déi automatesch Erkennung ze starten.
4. D'Telecommande gëtt elo mat der Set Top Box gekoppelt. D'Kopplung kann e puer Minutten daueren.

5.3 Menüsprooch auswien

Esoubal d'Telecommande mat der Set Top Box gekoppelt gouf, gëtt d'Sproochauswiel ugewisen. Wielt hei déi gewënscht Sprooch fir d'Benutzer-Interface aus.

1. Wielt déi gewënscht Sprooch aus.
2. Bestätegt Är Auswiel duerch Drécke vun der Tast **OK**.



Illustratioun 3: Sproochauswiel

5.4 Netzwierkverbindung hierstellen



Wann Dir d'Netzwierkverbindung scho mat engem Netzwierkkabel hiergestallt hutt a wëllt op WLAN wiesselen, musst Dir d'Steckernetzdeel fir ca. 5 Sekonnen eraushuelen an duerno erëm verbannen, fir an de Setup-Menu ze kommen.

Wann Dir d'Netzwierkverbindung mat engem Netzwierkkabel hiergestallt hutt, liest weider am Kapitel **5.7 Software-Updates** op Säit 19. Wann Dir d'Netzwierkverbindung wëllt mat WLAN hierstellen, liest am nächsten Abschnitt weider.

5.4.1 WLAN-Verbindung herstellen

Fir d'Hierstellung vun enger WLAN-Verbindung ginn et verschidde Methoden:

- **Sichen:** D'Set Top Box sicht automatesch no verfügbare WLAN-Netzer.
- **Erweidert:** Notzt WPS oder gitt d'SSID manuell an.

5.4.1.1 WLAN sichen

1. Aktivéiert am Setup-Menü de Menüpunkt **WLAN verbannen**.
2. Aktivéiert d'Schaltfläch **Sichen** duerch Drécke vun der Tast **OK**.
3. Wielt aus den ugewisene WLANen de gewünschte WLAN aus. Passt dobäi op, datt d'Signalstäerkt héich genuch ass (cf. **Illustratioun 5**).
4. Gitt op der ugewisener virtueller Tastatur d'WLAN-Passwuert an a bestätegt d'Agab duerch Aktivéierung vun der Schaltfläch **OK**.
5. Waart, bis datt d'Verbindung hiergestallt gouf an aktivéiert duerno d'Schaltfläch **Verloossen** esou oft, bis d'Meldung **D'Netzwerkverbindung gouf erfollegräich hiergestallt** ugewise gött.



Illustratioun 4: WLAN-Setup



Illustratioun 5: Verfügbar WLANen

5.4.1.2 Erweiterte WLAN-Setup



Méiglecherweis sinn net all hei beschriwwe Methode mat Ärem Router kompatibel.

Am erweiderte WLAN-Setup kënnt Dir tëschent verschiddene Methode wíelen.

- **WPS-Tast:** Verbindung gëtt automatesch nom Drécke vun der WPS-Tast vun Ärem Router hiergestallt
- **WPS-PIN:** Verbindung muss iwver PIN-Agab op der Websäit vum Router fräigeschalt ginn
- **SSID aginn:** Numm vum Netzwierk manuell aginn
- **Sichen:** cf. Kapitel **5.4.1.1 WLAN sichen** op Säit 14

Fir eng WLAN-Verbindung mam erweiderte WLAN-Setup hierzustellen, gitt folgendermoosse vir:

1. Aktivéiert am Setup-Menü de Menüpunkt **Erweidert**.
2. Navigéiert bei déi gewënscht Setup-Method.
3. Follegt dann den Uweisungen op der Televisioun.





Illustration 6: Erweiterte WLAN-Setup

5.5 WLAN-Status kontrolléieren

Am Menü **WLAN-Status** kënt Dir déi aktuell Daten zu Ärer WLAN-Verbindung ofruffen, ewéi z. B. Signalstärkt oder d'MAC-Adress vum WLAN-Adapter.



Illustratioun 7: Iwwersiicht WLAN-Status

5.6 WLAN-Verbindung trennen

Fir d'WLAN-Verbindung ze trennen, navigéiert am Setup-Menü op **WLAN trennen**. Duerno kënt Dir Follgendes maachen:

- **Set Top Box mat engem anere WLAN verbannen: Gitt vir, ewéi am Kapitel 5.4.1 WLAN-Verbindung herstellen** op Säit 14 beschriwwen.
- **Netzwerkverbindung mat engem Netzwierkkabel herstellen:** Verbannt de matgeliwwerten Netzwierkkabel, ewéi an **Illustratioun 2** op Säit 10 beschriwwen.

5.7 Software-Updates

Software-Update ginn automatesch duerchgefouert. Wann et scho bei der éischter Mise en service e Software-Update gëtt, musst Dir fir d'éischt de Software-Update installéieren. Follegt dofir den Uweisungen op der Televisioun.

6. Rengegung

WARNUNG

Gefor duerch elektresch Spannung an doraus entstoeend Brandgefor

- Trennt d'Set Top Box virun der Rengegung vum Stroumnetz.
- Benutzt fir d'Rengegung en dréchent Duch.
- Rengegt nëmmen d'Surface vun der Set Top Box.
- Macht d'Set Top Box op kee Fall op.

7. Entsorgung

7.1 Lösche vu perséinlechen Daten

Éier Dir d'Set Top Box entsuert, vergewässert lech, dass Dir eventuell Späichermedien (USB-Stick, SD-Karte) erausgehol, resp. d'Daten, déi sech dorop befannen, gelöscht hutt. Dëst déngt Ärer eegener Sécherheet a verhënnert, dass Är perséinlech Daten a falsch Hänn geroden.

7.2 Al Apparater zeréckginn

Uwendbar an der Europäescher Unioun an aneren europäesche Staate mat Systemer zur getrennter Sammlung vu recycléierbarem Material.



Elektresch an elektronesch Apparater däerfen net mam Hausoffall entsuert ginn. Konsumente si gesetzlech verpflichtet, elektresch an elektronesch Apparater um Enn vun hirer Liewensdauer bei den dofir ageriichten öffentleche Sammelstellen oder un de Verkaufspunkt zeréckzeginn. Einzelheeten dozou ginn duerch dat jeeweilegt Landesrecht gereegelt. D'Symbol um Produkt, op der Gebrauchsanweisung oder der Verpackung weist op dës Bestëmmungen hin. Mat der Reutilisatioun, dem Recyclage oder anere Forme vun der Verwäertung vun alen Apparater, leescht Dir e wichtege Bäitrag zum Schutz vun eiser Ëmwelt.

8. Feelerbehuung

Feeler	Méiglech Ursaachen	Léisungsméiglechkeeten
LED liicht net	Keng Netzspannung oder Set Top Box ass futti	Kontrolléiert, ob d'Stroumnetzdeel an d'Kabele fest verbonne sinn. Wann de Feeler weider bestoe bleibt, Netzbedreier kontaktéieren
Kee Bild	Keng Netzspannung	Kontrolléiert, ob d'Stroumnetzdeel an d'Kabele fest verbonne sinn.
	Kabelverbindung feelerhaft	Kontrolléiert, ob d'Kabele fest verbonne sinn.
	Falsch HDMI-Quell	HDMI-Quell vun der Televisioun op Set Top Box astellen.
Schlecht Bildqualitéit	net kompatibelen HDMI-Kabel	Benutzt ausschliesslech de matgeliiwwerten HDMI-Kabel

Feeler	Méiglech Ursaachen	Léisungsméiglechkeeten
Bild ruckelt	WLAN-Signal ze schwach	Setup opruffen a Signalstärkt ënner WLAN-Status kontrolléieren (cf. Sait 18).
	Bandbreet ageschränkt opgrond vu méi Benotzer	Netzwerkabel am plaz vu WLAN benotzen.
Set Top Box ka keng WLAN-Verbindung hierstellen	MAC-Adress vun der Set Top Box beim Router net zougelooss	Router iwverprüewen a MAC-Adress vun der Set Top Box zouloossen
Supportinfo 30 - 34 gëtt méi laang ewéi 3 Minutten gewisen	Teschnesche Feeler beim Opbau vun der Netzwerkverbindung	Set Top Box fir ca. 5 Min. vum Strom huelen. Eventuell den Netzbedriewer kontaktéieren

Feeler	Méiglech Ursachen	Léisungsméiglechkeeten
Supportinfo 40 - 85	Technesche Feeler während Software- Update	Set Top Box fir ca. 5 Min. vum Stroum huelen. Eventuell den Netzbedreier kontaktéieren

Bei weidere Froe kontaktéiert Ären Netzbedreier.

9. Rechtlech Hiweiser

9.1 Deposéiert Markenzeichen a Lizenzhiweiser



Hiergestallt ënner Lizenz vun Dolby Laboratories. Dolby, Dolby Audio an d'Duebel-D-Symbol sinn deposéiert Markenzeechen vun Dolby Laboratories.



HDMI, den HDMI-Logo an High-Definition Multimedia Interface si Markenzeechen resp. deposéiert Markenzeechen vun der HDMI Licensing LLC an den USA an an anere Länner.

Hiweiser fir Clienten zu Lizenze vun MPEG LA fannt Dir ënner der folgender Internetadress: **www.eltrona.lu/licenses**

9.2 Open Source Software

D'Produkt enthält ënner anerem Open Source Software. Dës gouf vun Drëtten entwéckelt an ass urhiewerrechtlech geschützt. Dir sidd berechtigt, dës Open Source Software am Kader vun de respektiv gültege Lizenzbedéngungen ze notzen.

D'Lizenzbedéngungen a weider Informatiounen fannt Dir ënner der folgender Internetadress: **www.eltrona.lu/opensource**

10. Konformitéitserklärung

Heimat erkläert den Hiersteller, datt d'CE-Kennzeechnung op dësem Apparat an Iwwerastëmmung mat de grondleeënden Ufuerderungen an den anere relevante Bestëmmungen vun de folgende Richtlinnen ubruecht gouf:

- 2014/53/EU RED-Richtlinn
- 2009/125/EG Ecodesign-Directive
- 2011/65/EU RoHS-Richtlinn

De vollständegen Text vun der EU-Konformitéitserklärung fannt Dir ënner der folgender Internetadress: **www.eltrona.lu/CE**

11. Technesch Daten

Artikelinformatioun	
Artikel-Nr.	STB-P570-T4/0
Faarf	schwaarz / wäiss
Gewiicht netto	260 g
Dimensiounen (B x H x D)	130 x 130 x 25 mm
Ëmfeldbedéngungen	
Temperatur	+5° - +40° C
Fiichtegkeet	20 - 80 %
Leeschtung / Energieverbrauch	
Deep-Standby	0,2 Watt
Normalbetrib	3,4 Watt (IP) / 5,2 Watt (DVB-C)
Ënnerstëtzt Formater a Codecs	
Audio-Codecs	ac3, wma2, mp3, pcm, aac, mp2, aiff, aif, wav
Video-Codecs	MPEG1/2/4, avc, H.263 / H.264, H.265, xvid, m-jpeg
Video-Opléisungen	576i, 576p, 720p, 1080i, 1080p, 2160p

Extern Uschlöss	
IEC Stecker (HF)	1
Ethernet 1 GBit/s (RJ45)	1
HDMI™ 2.0a	1
USB 3.0	1
S/PDIF optesch / 3,5 mm Buchs (Stereo)	1
RS232 an IR Input (RJ12)	1
Micro SD-Kaarteslot	1
Interfacen	
Bluetooth	5.0
Infrarout	36 KHz (RC-5:SAT2)
WLAN	IEEE 802.11 b/g/n/ac/ax (2,4 / 5 GHz)
WLAN-Sécherheet	WPA / WPA2 PSK
Kopéierschutz	
DRM	Verimatrix Viewright®
HDMI	HDCP 1.4 / 2.2

Stromversuergung / Steckernetzdeel	
Numm vum Hiersteller	Eltrona Interdiffusion S.A. 4 - 8, Rue de l'Acierie 1112 Luxembourg / LUXEMBOURG
Modellkennung	STB-P490/400
Agangsspannung	100 - 240 V
Agangswiesselstromfrequenz	50 / 60 Hz
Ausgangsspannung	12,0 V
Ausgangsstrom	1,0 A
Ausgangsleeschtung	12,0 W
Duerchschnëttlech Effizienz während dem Betrib (min)	83,26 %
Effizienz bei gerénger Laascht (10 %) (min)	73,26 %
Stromverbrauch bei Nulllaascht (max)	0,1 W

Versoun: 1.1
Stand: 29.06.2021

Hiersteller:
Eltrona Interdiffusion S.A.
4 - 8, Rue de l'Acierie • 1112 Luxembourg / LUXEMBOURG
Telefon: +532 499 466 888 • Internet: www.eltrona.lu



*Am Kader vu Produktverbesserunge behale mir eis vir,
technesch an optesch Verännerungen un deem an dëser
Gebrauchsweisung beschriwwenen Apparat virzehuelen.
Déi jeeweils aktuell Gebrauchsanweisung fannt Dir am
Internet ënner **www.eltrona.lu/userguides**.
Iertemer an Drockfeeler virbehalen.*